N°4177
Entrée le 31.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 4177 vum 3. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN betreffend d'Finanzement vun de Prisongen.**

**1. Wéi hu sech d'Käschte pro Prisonéier hei am Land vun 2020 bis haut entwéckelt?**

Et sief fir d'éischt ënnerstrach, datt d'Ziler bei der Ëmsetzung vu Fräiheetsstrofen dora bestinn, d'Sécherheet an de Schutz vun der Gesellschaft ze garantéieren, de Verurteelten ze bestrofen an ze responsabiliséieren, souwéi d'Interessen an de Schutz vum Affer ze berücksichtegen. Fir dës Ziler ze erreechen, gehéiert et och dozou, d'Reintegratioun vun der inhaftéierter Persoun virzebereeden, fir hir et ze erméiglechen, nom Ofsetze vun hirer Strof nees e verantwortungsvollt Liewen an der Gesellschaft ze féieren an domat och nei Strofdoten ze verhënneren. Dëst dréit evidenterweis och zum Schutz vun der Gesellschaft bäi.

Dobäi ass wichteg, datt d'Personal, wat mat den Detenue schafft, hir usprochsvoll Aarbecht kann ënnert de beschtméiglechste Sécherheetskonditiounen erfëllen an deemno och déi néideg Personaleffektiver solle garantéiert sinn, wat awer natierlech zu Personalkäschte féiert.

Et ass och wichteg allgemeng ze betounen, datt déi verschidde Centres pénitentiaires ënnerschiddlech Populatiounen ophuelen, ënnerschiddlech Ziler verfollegen an ënnerschiddlech Funktionnementer hunn.

An deem Kontext, erlaabt d'Froestellung vum honorabelen Här Deputéierten et net konkret festzestellen, wéi eng Käschte senger Opfaassung no sënnvoll si fir an esou eng Berechnung mat abezunn ze ginn a wéi eng net. Och bleift onkloer, wéi déi verschidde wesentlech Variabelen dobäi solle berücksichtegt ginn.

Sollt sech dës Fro reng op eng ondifferenzéiert Berechnung bezéien, sief dorop higewisen, datt all déi néideg Donnéeën dofir ëffentlech zougänglech sinn.

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue